HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Commission de la circulation du 22.09.2021

Ufank 19h30

1. SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE

8/13 membres présents : Marc BUCHLER, Rick EDERT, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Serge VAN KAUFENBERGH, Manou PETRY, Jean-Jacques BUTTEL, Ben BAUS

5/13 membres excusés: Patrick KRAEMER, Patrick CINCIS, Gilles KLEIN, Marc HOFFMANN, BISENIUS Jean-Claude

Président de la séance: José FERNANDES **Sekretär :** Patrick EVERARD

2. VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LÄSCHTER VERSAMMLUNG

Den Rapport vun der Versammlung vum 05.05.2021 gëtt eestëmmeg ugeholl. Déi nei Memberen vun der Verkéierskommissioun sinn den Ben BAUS an den Jean-Claude BISENIUS.

3. WIEL VUN ENGEM NEIEN PRESIDENT

Den Ben BAUS gouf eestëmmeg als neien President gewielt.

4. AVIS ZUM NEIEN VERKEIERSREGLEMENT

Säit 69 - 3 Brouch – complex scolaire: D'Schëlder sinn nach net installéiert

Säit 70 – 3 Brouch – am Eck: Ass et do méiglech een Schëld 2/2/4 virzegesinn? Dëst soll vermeiden dass d'Strooss am Eck vun net Resident'en genotzt gëtt fir moies d'Kanner an d'Schoul ze bréngen an soumat d'Zoufaartsweeër vun den Resident'en ze behënneren.

Säit 74 - 3 Brouch – an der Koll: D'Schëlder sinn nach net installéiert

Säit 80 - 3 Brouch – Tommesknapp: Propose fir d'Schëld 2/2/1 duerch den 2/2/4 ze erweideren

Säit 82 - 3 Brouch – rue du Village: D'Schëld 6/9/1 ass nach net installéiert. D'Kommissioun wollt gären wëssen op dëst déi definitiv Platz ass fir een neien Busarrêt ze maachen? Et gëtt drop higewisen dass déi Platz sech op enger Kräizung an an enger Kéier befënnt an soumat fir net ganz optimal befonnt gëtt. Bëssi méi ënnen an der rue du Village wieren Méiglechkeeten een Arrêt ze plangen déi méi optimal wieren. D'Kommissioun freet op dëst am Kontext vum „Sécheren Schoulwee" nach eng kéier kann gepréift ginn.

Säit 135 – 8 Tuntange – rue de Luxembourg: Zwee 6/2/1Schëlder sinn aktuell op der Platz awer net méi am neien Reglement.

Allgemeng:

- Wéi sinn déi ëffentlech Parkplazen, wéi z.B. bei der Kierch zu Brouch reglementéiert. Duerfen do Camper parken?
- Mussen an den Citéen bei engem „Wendehammer" keng Halteverbotsschëlder stinn?

5. ZEBRASTRÄIFEN ZU BËSCHDRËF AM FUURT

Den 28. Januar 2019 gouf eng Demande un den Schäfferot geschéckt. Déi Demande ass an der Annexe vun dësem Rapport. D'Demandeuren kruten bis haut nach keng schréftlech Äntwert op deen Bréif mat ausnam vum Courrier vum 6. Februar 2019.

6. VERSCHIDDENES

- Ginn et schonn Nouvellen betreffend der Demande fir op der Kräizung Reckange-Brouch / Openthalt 2-3 Beem ewech ze maachen fir eng besser Visibilitéit ze hunn an doduerch d'Sécherheet ze erhéijen?
- Ginn et schonn Nouvellen betreffend dem Dossier vum „sécheren Schoulwee"?

FIN 21h45